



Vum 16. bis den 18. Mee war de Flyfishing Club aus Lëtzebuerg an d´Vogese gefuer fir zu Saulxures um Lac de la Moselotte mat der Méck ze fëschen. Schonn zanter Jore fuere mir dohinner an hate mir et an der Vergaangenheet scho mol mat ze villen Fëscher ze dinn déi niewent eis och do gefëscht hunn esou war et dach des Kéier verwonnerlech dass mir praktesch de Séi fir eis haten, ewell ausser ee puer Fëscher déi mam Boot erausgefuer ware keng aner Fescher des Kéier do waren, wat eis dach direkt sollt ze denke ginn, mee bon mir haten leider séier eraus fonnt firwat dat esou war.




Haten eis Fëscher déi schonn een Dag éischter ugereest waren nach Donneschdes ee puer schéi Fësch gefaangen sou ass et du vun Dag zu Dag manner ginn an eis Fëscher hate schwéier mat de Konditiounen ze kämpfe wat mat Sécherheet net um Wieder loung ewell mat deem hate mir et nawell gutt erwëscht. Ze guer déi Fëscher déi normalerweis net vum Waasser ewech ze kréie sinn hu mat der Zäit kapituléiert ewell se einfach kee Mëttel fonnt hu fir d´Fësch ze fänken. Mee genuch lamentéiert ewell et war ewéi ëmmer wa mir als Club ënnerwee sinn eng wonnerschéin Zäit zemools wou et bei eisem Club net nëmme vun de Fësch ofhänkt op mir eis kenne freeë mee et geet haaptsächlech dorëms Zesummen eng schéin Zäit ze hunn an déi hate mir.



















Eise President hat sech awer net esou séier geschloe ginn an Hien konnt dach ee puer schéi Forelle fänken, et war och net esou dass eis Fëscher guer Näischt gefaangen hätten esou waren ënner anerem och zwee schéi richteg déck Minne gefaange gi mee aneschters ewéi mir eis et erwaart hate sinn eis Erfollegsmomenter dach ganz moer ausgefall zemools wou Mëtt Mee dach normalerweis eng ganz gutt Zäit ass fir mat der Méck ze fëschen.













De Gerd dee scho Mëttwochs ugereest war an nach besser Konditioune virfonnt hat konnt och schonn dunn eng schéi Forell fänken déi Hien gehalen huet an se an engem sympathesche Geste de Fëscherkolleegen duer gereecht huet. Hien hat de Fësch kal gereechert an huet dësen nodeems Hien ee filetéiert a mat Dill garnéiert an mat senger selwer gemaachen Zooss zerwéiert. Erläng dat Zesummen si wär et schonn derwäert gewiescht fir op Sauxures ze fueren. Séier sinn erëm déi al Erliefnesser opliewe gelooss ginn an och wa mir des Kéier net esou vill gefaangen hu konnte mir dach vu villen schéinen Erliefnesser op dëser Plaz schwäermen an ee bësse Gestëppels a Fëscherlatäin war natierlech och dobäi.



